



# Errances bilingues

Esou heesch e Band vu Gedichter, déi deels am Did-denhuewener Platt (d'Leit vun do nennen hir Sprooch och den "dialecte francique"), deels op franséisch als Brochure no 13 vun der Zäitschrëft "Gewan" erauskoum.

Den Auteur as de Jo NOUSSE. E staamt aus dem "Hekkepéi", aus dem "Sträifland" hei vir, direkt han-nert der Grenz. Am Virwuert seet eis den Daniel Laumesfeld, datt de jonken Nousse, "hire laanghore ge Schoulmeeschter" mat sénge fénnefanzwanzeg Joërl, där Ugepasster een as.

"Il fut le seul et premier instituteur de la Mo-selle à demander, en 1983, un poste de maître-itinérant en langue et culture régionales ... qui lui fut refusé".

De Jo Nousse steet deemno, wéi zum Beispill munche Regionalist aus der Bretagne oder munden Dialektschrëftsteller vun der grénger, däitscher Friddensbewegung -sénger Zäit kritesch an engagéiert géigengeninner. Fir et richteraus ze soen: en as nüt derfir, datt Kanounieréier vun der grande nation hirer force de frappe oder d'Tirem vun der "Centrale nucléaire de Cattenom" vrun den Nuese vun de Leit vu "Kettenuewen" an den Himmel wuessen; e be-klot zum Beispill d'Hysterie vun der Manipulatioun an der Publissitéit, déi aus den Hyper- a Supermarkéen d'Tempel vun dem Konsumenterror an der Uniformisatioun mécht; e fënt, datt munnech Politiker an "dichteg" Leit schwéier Ligener sin:

"Politikerzong/ Politikerschong

ënnerem Lieder

sténkeg Zéiwen

ënner de Wieder

raschteg Gedanken"

Et kënnst ee bei dëse Sätz vum Jean Nousse un den Heinrich Heine denken, dee jo och scho geschriwwen hat: "... Sie tranken heimlich Wein/ Und predigten öffentlich Wasser."

Séng Mammesprooch, d'Platt, as fir hien nüt einfach eng Saach déi elo grouss "in" as oder där en ewei muencher däitsche Politbard s

Séng Mammesprooch, d'Platt, as fir hien nüt einfach eng Saach déi elo grouss "in" as, oder aus där en ewei muencher däitsche Politbard Suë mécht.

Séng Sprooch bedäit Erënnerung u séng Kandheet an un déi Wärter déi en deemols geléiert huet: Léift Verständnes, Respekt vun der Natur. Säin éierlecht Gefill a séng politesch Iwwerzeugung dréckt en aus:

## SLOGANS

Entre les drogués de la radio-télévision  
qui crévent d'ennui  
et les habitants des paniers à salade  
qui jouent à cache-cache avec les indiens  
gît ma langue.

Sur les plaies de ma terre  
vit ma langue.  
Combien de temps encore?

(1979)

Mer dreemén eng aaner Welt: eng Welt mat Rousen, keng verpuddert Rousen fir verpuddert Fraen, ewer eng Welt mat wéll Rousen fir fräi Lait.

(1979)

an awer och am "francique"

## VUN HAUT UN ...

'T hot schun am Krich ugefaang;  
d'Lait si wi d'Véi verdeelt gin.

Deen ee bái d'"Malgré-nous",  
dén anner bái d'"Malgré tout".

Mäi Brouder déissäitnidderknallen?  
Fir d'Frickpänsen vun falsche Stat?

A wat dann nach?

Vun haut un as ét färdéch

Mer maen nüt mi mat

Da sin se voll beschass

Mer gin nüt op d'Arméi!

'T as an der Schoul wäidergaang

Do léierscht de mol déng Schnéss haalen

Et tu parleras français

quand on t'interrogera

E Wurt op Platt, eng déck op de Baack

A well maen d'Elteren dat selwt.

C'est snöp d'parler français.

Vun haut un as ét färdéch

Mer maen nüt mi mat

Da sin se voll beschass

Mer schwätze rém op Platt ....



Et mierkt een, datt dat zweet Gedicht méi echt kléngt, och wa Verschiddenes e bësschen iwweräifreg an déck opgedroen as. Mee de jonken Auteur schéngt sénger Saach zimlech sécher:

#### MER IWERLIEWEN EECH ALL

Mer iwerliewen eech all

Mat usém Aksent wou der sou bauerléch fénnt  
Ewer léiver bái us am Gront wéi bái eech am Béto.  
Ar Plastiksschnéss as schu laang verfault am Zen-  
tralbüro

Dat mir nach, stolz a frái, an der Gewan séngen.

Mer iwerliewen eech all

Mat use Sproochen wou der nét gär héiert  
Mer maen eech de Kapp sou voll mat usem Platt  
Vu virun bëss no hannen, vu lénks bëss no riets,  
An nach kweech derbái  
Dat dir mat ärem eejhen Komputer-Englisch  
Nét mi ze Streech kommt.

Mer iwerliewen eech all

Mat user Manéier iwer alles ze staunen  
Eng Bloum ze richen oder eng Landschaft ze wäisen.  
Oh leck!  
An dir bläiwt virun alles ston wéi ee Formikasmi-  
wéll

Der hot alles ewer der spiirt näischt.

Mer iwerliewen eech all

Mat use Schrëtt fir eng bewoscht Zoukonft  
Wat mer waren, wat mer sin, wat mer wëlle gin  
An dir rennt, de Kapp gebéckt  
Vun Angscht eech am Spíjhel vun ärer Schäissge-  
schicht

Ze gesin.

Mer iwerliewen eech all

Mat usen zaart Heemlereien, mat usen Hänn  
Wou fescht zoverneen gedréckt sin  
An der Zäit séid dir nach am "Gardavous"  
mat ärer zougepetschter Angscht.

Mer wärten us iwerall dohém fénnen, grad bái eech  
nét.

Mer iwerliewen eech all.

(1983)

Esou Texter kann een als e bëssen utopesch oder ze-vill guttgemengt oder, - wann een op engem anere Bor an der Gesellschaft steet-, geféierlech nennen. Et kann ee suffisant mengen, dat alles wär am duebele Senn vum Wuert vill ze "gréng" ... Da géif ech awer ze bedenken, datt déi Geforen a Problemmer, vun denen den Nousse schreift, vu kengem Stat, vu kenger Regioun, vu kengem ideologesche Machtblock eleng geléist kënne gin, an datt een nét all jonk Leit aus der Friddensbewegung an een Dëppe geheien däerf.

Ech erënneren iech un dës Iwwerlegung vum Christa Wolff aus hirem Buch: "Voraussetzungen einer Erzählung: Cassandra" (Sammlung Luchterhand Nr. 456) "... Aber würde man von draussen zusehen wollen, wie sie Europa vernichten? Und selber überleben? M. fragt, ob nicht jene Gruppen und Strömungen "irgendwie hoffnungsvoll" seien, die sich nicht weiter auf die zerstörerischen Systeme einliessen: die destruktiv gewordenen Institutionen unterwanderten; sich nicht in nutzlose Kämpfe mit ihnen verstrickten, sondern von ihnen abzusehn suchten: "anders" zu leben versuchten. Ich höre mich ja, ja sagen, und laut in mir denke ich, die selbstzerstörerische Tendenz der heutigen Mega-Systeme allmählich, gewaltlos, ausser Kraft zu setzen, brauchte Zeit, die wir nicht haben. Vielleicht, sagt M., sollten wir so anfangen, wie die Südafrikaner angefangen haben, als sie sich von dem Rassistenregime befreien wollten: Sie machten sich bis ins Letzte klar und nahmen die Erkenntnis an: Unsere Lage ist hoffnungslos. Daraus kann doch vielleicht Freiheit entstehen." ...

De Jo Nousse wéllt nét nokucken. Hien engagéiert sech a sengem Beruff, als Privatmensch an a sengen Texter. Ech zitéieren nach eng Kéier aus dem Buch vum Ch. Wolf (S.109): ".... dass wir die Zeit nicht haben, unsere "eigentlichen" Bücher auf später zu verschieben - sie haben aufgehört mit dem Reden und Schreiben mit gespaltener Zunge ..."

An deem Senn schreift de Jo Nousse - an e weess wat em blitt: "C'est pour les gens l'occasion révée de préparer des cadres bien rigides où ils pourront enfermer mon portrait: Autonomiste, Régionaliste, Séparatiste ... (...) Comme s'il n'y avait pas assez d'images-prisons dans nos têtes, comme s'il n'y avait pas assez de prisons dans nos corps..."

A seng Sprooch gët fir hien d'Waff vum sozialkritischen perséinlech Widerstand: "Ma langue, cette différence entre différences (...) grain de sable dans le château de mon identité, imprenable ..." Et wär dach wiirklech nét nationalistesch an nét reaktionär a scho guer nét lénks oder rietsradikal, wa mir Lëtzebuerger eis Sprooch, déi jo eng Schwester vum Lothrëngesche Platt as, och esou kënnte gesinn ewéi d'Leit déi Säit vun Diddeléng oder Esch: "comme un endroit appelé "Gewan" n'ayant ni frontière, ni artifice". Also: den Dia-lekt als Kommunikationsvehikel vun eise Suergen an Ängschten iwwer d'Grenzen ewech, ewell d'Ver-drecksung vun eiser Emwelt duurch radioaktiven oder geeschtegen Offall geet jo och iwwer d'Grenze vun de Länner an de gesellschaftlechen Interessen ewech.

Wien elo mat dësen Iwwerlegungen d'accord as - oder wien den "dialecte francique" aus soziolinguistischer Sicht analyséiere wéllt - et kann een interessant Ennerscheder an awer och Ähnlechketen fannen - dee soll dem Jo Nousse seng "Errances bilingues" emol liesen.

G.J. Rinnen

Supplément au trimestriel "Gewan" no 13 - 20FF.  
Directeur de publication: Claude Périquet No CPPAP 63659; Impr. A.P.P.I Hagondange. Dépôt légal 1er trimestre 1984.

#### RICHTIGSTELLUNG



In "forum" Nr. 78 wird behauptet, dass "es am 9. Januar im Melusina zu Handgreiflichkeiten zwischen Jup Weber und Robert Medernach" kam. Robert Medernach bittet uns diese Behauptung richtigzustellen: Nicht Medernach, sondern dessen Begleiter war der Autor der "Handgreiflichkeiten", bei denen es sich auch nicht um eine regelrechte Schlägerei handelte. Es wurde lediglich Jups Manuskrift zerrissen und die Kontrahenten übergossen sich mit Wein und Bier.

Quelle der Information war eine im internen Organ der Grünen abgedruckte Darstellung dieses Vorganges, durch R. Medernach selber. Der oben zitierte Satz wollte eine kommentierende Zusammenfassung sein, im Eifer des Gefechtes wurde daraus eine unzulässige Verkürzung des wahren Zusammenhangs. Wir entschuldigen uns.

ff